PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/06/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen, Aussenugeleeënheeten an Europa & Kommunikatioun a Medien weiderzeleeden.**

D'Agence *Luxembourg for Finance (LFF)* huet lescht Woch ee Werbevideo veröffentlecht an dem d'Liewen an d'Schaffen op der Finanzplaz Lëtzebuerg promouvéiert gëtt. Ënnert dem Hashtag *#MoveToLux* weist de Video eng Wealth-Managerin, déi mat engem 4x4 SUV duerch d'Bëscher rennt an dono op der Marie-Astrid bei engem Pättche Wäin verzielt, wéi flott d'Liewen zu Lëtzebuerg, bzw. am Finanzsecteur, ass. De Koalitiounsaccord priedegt Nohaltegkeet, sozial Kohäsioun an eng responsabel Finanzpolitik.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- 1. Wat sinn, an der Regierung hiren Aen, d'Kärmessagen vun dësem Werbevideo? Ass d'Regierung der Meenung, dass dëse Promotiounsvideo de Grondwäerter vum Koalitiounsaccord Rechnung dréit? Falls jo, ënner wéi enger Form?
- 2. Dovunner ausgoend, dass de Staat um LFF bedeelegt ass - wéi een Afloss hat d'Regierung op de Contenu vun dësem Promotiounsvideo? Verdeedegt d'Regierung d'Aart a Weis wéi Lëtzebuerg an dësem Werbevideo duergestallt gëtt?
- 3. Ass de Promotiounsvideo vum LFF zesumme mam "*Comité de coordination Inspiring Luxembourg"* ausgeschafft ginn? Ass de Message kompatibel mat der Strategie vum "Nation Branding" an?
- 4. Ass d'Regierung der Meenung, datt een am Hibléck op déi vum Koalitiounsaccord gepriedegt Wäerter zousätzlech misst méi Bescheidenheet a Responsabilitéit als Kärthemen an esou Werbecampagnë integréieren?
- 5. Wei gesäit fir d'Regierung eng responsabel a nohalteg Promotiounspolitik vun der Finanzplaatz Lëtzebuerg aus?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député